N°3201
Entrée le 17.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Wéi RTL an engem Artikel vum 15te November mellt, wäert et zu Wolz zu engem politesche Wiessel kommen. Déi aktuell Koalitioun, bestoend aus der CSV an DP, kéint duerch eng LSAP-DP-Koalitioun bestoend ersat ginn. Wéi scho viru Kuerzem an der Gemeng Contern huet d'DP sech erëm eng Kéier géint CSV entscheet a gewisen, dass se kee verlässleche Partner ass. De Premierminister hat an der Äntwert op meng Fro n°3022 behaapt, dass d'Verhältnis tëscht den zwou Regierungsparteien DP an CSV exzellent ass a bleift.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet déi weider onloyal Decisioun vu der DP Konsequenzen op d'Vertrauen an der Regierung an Auswierkungen op d'Zesummeschaffen vun der aktueller Regierung?

2. Wéi erkläert d'Regierung et sech, dass béid Parteien op Gemengenniveau net matenee schaffe wëllen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés